# JUGENDVERSAMMLUNG VUM 13.12.2025

jugendhaus nidderaanwen

## ⚽ EJ CUP 26 / 10.1.2026🏅:

- Et si bis lo 12 Equippen ugemellt.
- Et wier gutt wann sech deen Een oder Anere géing melle fir ze filmen.
- Déi, déi an der Buvette schaffe sollen zu 9:00 Auer an der Hal sinn, fir alles op ze riichten. (2 Fréndinne vum Grace wäerten och héllefe kommen)
- Den 09.01. gëtt um 19:00 Auer alles an der Hal opgeriicht. Eis Equipe kënnen dann och trainéiere kommen.



## Programm Januar & Februar:

De Programm vum Januar gouf virgestallt.

Am Februar sinn nach Plaze fir Aktivitéite fräi. Dir kënnt gären nach e puer virschloen.





## Sport4Lux

Mell dech beim Thierry wann's de, den 08.01.26, Loscht an Zäit hues mat Fussball spillen ze goen.

## Sport ouni Drock

Op nofro vun deene Jonken gi mer 2026 eng Kéier Padel spillen. Den Thierry huet kontakt mat der Tennis Federatioun si kéinten eis eng Aféierung maachen.

## Réckbléck 2025:

- Tip Top! Top Geschier!
- Cool Kolonie, och wann et e wéineg spannend war.
- "Hat bis lo vill Spaass."
- Si frou de Brevet B fäerdeg ze hunn.
- Den Harry Potter Musée
- Tauchschäin gepackt!
- Fotosausstellung an de Projet Generatioun Planet A war cool

## Kolonie 2026 an 🇮🇸

- Sot eis Bescheed wann der Iddi'en oder Wënsch hutt, z.B. kéinte mer e Fussballmatch kucke goen.



## Schëlder Concours:

D'NaturTeam huet eis gefrot ob mer dorunner interesséiert wiere Schëlder géint Honds 💩 ze maachen?

Mir wollten dofir e Concours maachen, wou jiddereen seng Iddi'e kann era ginn.



## Workshops Iddi'en

- Comic Workshop
- Manga Workshopp

## Belounungssystem "EJ"💰:

Ab Mëtt Januar kënnt der äert éischt Gespréich ufroen fir réckbléckend iwwert d'Joer 2025, mat engem vun den Educateuren/-tricen ze schwätzen.

D'Chiara hat säi leschten Dag bei eis a seet iech all Merci!

## Fräiwëllegen Zertifikat:

Déi Jonk, déi sech 2025 am Jugendhaus engagéiert hunn, kruten en Zertifikat, mat de Stonne wou se bei eis gehollef hunn. Dëse Zertifikat kënnt dir, bei enger Demande fir "Hei wunne bleiwen" bei der Gemeng of ginn.

**DÉI NÄCHST JUGENDVERSAMMLUNG ASS DEN 24.01.2026 UM 10H00**